

D'Stäre vu Sissi

Et war lo fir d'Drëtt, ech wëll och dat anert Joer nees dohin; zwou Wochen ënnert dem kreteschen, donkelbloen Himmel, d'Wieder, de Stress, och Gesichter vun doheem einfach vergiessen; beim Mier sëtzen, d'Welle genéissen, déi sech virun denge Féiss briechen an dir hir Gëschtt iwwert de ganze Kierper sprëtzen.

Net manner léisst mech den Nuetshimmel lass, deen onendlech kloun, gestache schaarfe Stärenhimmel iwwer Kreta. Hien ass mat dru Schold, datt ech lo fir d'Drëtt an deem klengen fréiere Fëscherduerf vu Sissi war. All eenzelen Dag hunn ech mech op den Owend op mengem klengen Balcon gefreet.

Zoufall oder net, déi dräi Kéieren, wou ech lo do war, stoung e groussen helle Vollmound iwwerem Duerf, iwwerem Mier. En hat mech schonn dat zweet Joer derzou verfouert, fir eng Spektiv matzebréngen, deem klengen Brudder vun eisem Globus méi no ze kommen, seng Bierger, Dällten, Trichtereren eenzel betruechten ze kënnen, déi waarm Lanter, déi einfach sou um Himmel hänkt, unzekucken. De Vollmound ass eng Chance,

e Glécksfall; seng ronn Scheif ass nëmmen e puer Deeg laang perfekt, duerno bréckelt de rietse Rand lues a lues of. Mä souwisou huet dee samettschwarzen Himmel nach méi ze bidden: d'Stären iwwer Sissi.

Ech hat mer déi Spektiv spéit kaf, 't ware mer ëmmer ze vill Suen, ech hunn ëmmer nees gezéckt, obwuel ech mer schonn honnertmol dës Knéckegkeet virgehait hat, wann ech op mengem Spazierweeër iwwert d'Gewan Vigel gesouch, déi ech net erkenne konnt, e Fliger erbléckst hunn, dee mer net kënneg virkoun, oder um Rand vum Bësch Réi stoen hat, déi ech gäre vu méi no gesinn hätt. Datt ech déi Suen ausginn hunn, huet mer awer ni méi Leed gedoen, nodeems ech duerch d'Spektiv dës Stärenhimmel entdeckt hat. Scho mat bloussem A gesäit een op Kreta där Stäre bestëmmt nach eng Kéier sou vill wéi doheem, mä mat där Koppel Vergrößerungsglieder geet lech en Himmel op, wéi der lech kees ee virgestallt hätt. Et sinn der op eemol masseg méi, an se sinn net nëmme vu wäisser Faarf: och mol goldegel, bloelzeg, souguer rout; an am Rhythmus

vum eegene Bolsschlag zidderen s'eng Grëtz virun der Spektiv, wéi Nuetsfénkelcher.

Op sou engem spéide Juniowend souz ech op mengem Balcon mat der Spektiv an engem Glas kretesche Wäin an hunn d'Rou genoss, déi iwert den Diech vu Sissi an iwwerem Ägäesche Mier louch. Eng eenzeg schwaach Liichtche vun engem Fëscherduerf war wäit dobaussen ze gesinn, mä héich dodriwwer!: Eng Stärepruecht, déi een d'Welt dodrënner vergiessen deet; eng Onendlechkeet, déi een allen Eesches kann dronke maachen. Ech hat d'Spektiv well eng Zäitche aus der Hand geluecht, wollt och kengem eenzele Stäre méi op d'Fiischt récken, mä just nach an den Himmel kucken, d'Gedanke fléie loossen. Et ass e gudden Dag gewiescht, voller Sonn, voller Jasmin-, Rosmarin- a Salbeigeroch, de Salzgeschmaach vum Mier, d'Spiere vum Sand ënnert de buerbesse Féiss, d'Laache vun de Kanner am Waaser, d'Stëmm vun engem Papp, deen ënnert dem Sonnepräbblu sengem klengen Meedchen eng Geschicht virliest.



Glécklech Kanner haut, denken ech; se fléie schonn als Puppelchen Dausende vu Kilometer an d'Sonn, bei e waarmt Mier, ëmgi vun honnertlerlee Kammouditéiten, Spillsaachen a Schneekereien, vun deene mir mol net dreeme konnten, well mer se net kannt hunn. Haut de Mueren, beim Kaffi, ass e klengt Meedchen sech e grousst Stéck Waassermeloun un de Buffet siche gaangen, an d'Stéck ass him um Wee fir zrëck un den Dësch vum Teller gerëtscht an op de Buedem gefall. D'Clio, sou huet seng Mamm et geruff, huet net gekrasch, d'Stéck och net opgeraf, 't ass sech einfach en neit siche gaangen. Wat hate mir deemools als Kanner? Oder besser gefrot: Wat hate mer net?, déi Lëscht géif méi laang. An d'Vekantz hu mer doheem um Flour oder am Bësch verbruecht; héchstens mol eng Woch bei enger Tatta um Nopeschduerf.

Et geschitt mer eppes, dat mech verwonnert. Ech wëll no der Spektiv gräifen, mä ech spiere mech ze midd derfir. Ech ire mech awer net: Héich iwwert d'Insel zitt e Stär, e Koméit, e Satellit, eng Weltraumstatioun, et dauert knapps eng Minutt, dann ass dee séieren helle Stär schon nees hannerem Horizont verschwonnen, vläicht lo iwwer Knossos ze gesinn. Eng Weltraumstatioun iwwert dem Minotaurus sengem Labyrinth, iwwert dem Dädalus an dem Ikarus hirem Prisong. D'Zäit spillt verréckt. Mä lo steet de Stärhimmel nees stëll.

't ass net wouer, ech ire mech och dës Kéier net: Den Oweestär, déi siwe vum grouse Bier an nach anerer, déi ech net mam Numm weess, hunn sech verännert, hu lo richtig Gesiichter. Gesiichter, déi ech kennen, mä aus wat fir enger Zäit? Dommen! Dat si Kannergesiichter, Gesiichter aus deneger eegener Kannerzäit, Kanner, mat deenen s du gespilt hues! Mäi Gott, do sinn der drënner, déi well laang dout sinn, déi schonn als Kand gestuerwe sinn, déi s du als Schoulbouf, als Massendenger mat begruewe goungs!

Dat klengt Maisy zum Beispill. 't hat nach keng fënnef Joer, d'Leit am Duerf hu verzielt, 't wier ënnererniert gewiescht. D'Famill huet am alen Hierdenhaus gehaust, se haten eng ganz Hickecht Kanner, ech weess d'Nimm net méi all.

An e Bouf, ëm deem seng oppe Lued mir als Schoulkanner ze bieden an ze afe stoungen. „Gesäit de Robbi dann net aus, wéi wann e géif schlafen!“, frot säi Papp äis, an d'Tréine sinn him dobäi d'Bake rof gebockelt.



Hien hat dat gefrot, wéi wann et de Robbi nees kënnt lieweg maachen. De Robbi war un der Schwindsucht gestuerwen, deemools hunn ech dat Wuert fir d'éischt héieren, duerno net méi dacks.

An de Fraassi! An de Marss! Bal niefeneen! Marss, wat méchs du dann do uewen? Hunn ech verpasst, datt s de gestuerwe bass? No eiser Schoulzäit hunn ech dech ni méi gesinn. Ech weess awer nach gutt, datt de Schoulmeeschter dech eng Kéier fierchterlech lassgezunn hat, well s d'e Vullenascht geplëmmt has. An du waars och kee Gudden, Fraassi. Du hues mir mol gewisen, wéi ee Fräsche pisackt, mä du hues fuerchtbar bezuelt derfir: eng Granat, déi net explodéiert war, ass um Enn awer explodéiert, well s du se net mat Rou gelooss hues. D'Leit hunn d'Kanner vun der Plaz wechgehale, sou hat d'Granat dech zerfetzt.

Genee sou hues d'ausgesinn, deemools, Margot. Du waars meng éischt Léift, mä du bass matzen am Schouljoer fortgeplënnert, well d'äi Papp een am Sträit erschoss hat. Laang Joren duerno hunn ech dech eng Kéier rëmgessinn, du has scho grouss Kanner, ech och, mä un d'Hausbänk virun eiser Dier, wou mer ze liesen an ze schreiwe souzen, un déi konnte mer äis nach allebéid erënnere. Ech weess well, datt s de no eise Rëmgessinn net méi laang ze liewen has, mä bis haut konnt kee mer genee soe firwat.

Anni, du laachs nach ëmmer, wéi viru fofzeg Joer, wa mer owes zesumme mat eisen Dëppercher d'Mëllec bei de Bauer siche gongen. Du hues näischt gefaart, och am Wanter net, wann et scho fréi däischer gouf, an d'Stroossen nëmmen aarmséileg belicht waren. Ech hunn dat gutt verhalen: engem anere Bauer säin Hond ass heinsdo aus dem Haff geschoss komm an huet äis ugebilt, wéi wann et lo eist Lescht wier. Mä du hues nëmme gelaacht a bass mam eidlen oder mam volle Mëllecdepchen op hie lassgelaf, hues d'Dëppchen an der Luucht ronderëmgejaufft wéi e Wäirauchfaass, hues mat

denger heller Stëmm versicht, dem Hond säi Gebills nozemaachen, an deen huet sech dann all Kéier verzunn. Du has e Courage, deen ech nimools opbruecht hätt. A neen, un eng Kéier kann ech mech erënnere, wou mer allebéid schéin erfieert waren. 't muss op engem verreentenen Owend ugaangs Mäerz gewiescht sinn. Mir koume just vum Bauer, d'Mëllecdepcher bei der Hänk, an op eemol ware spatz Kreesch an der Däischertert, an duerno huet een an der Luucht en Dauschen héieren, an 't sinn e puer Dosen Hogänsen ganz niddreg iwwert eis Käpp geflunn, mir hu bal gemengt, mir missten eis bëcken. Dir ass d'Dëppchen entfuer an ass op der Strooss ausgelaf.

Chloé! Wat méchs du do uewen? Du bass dach d'Meedche vu vis-à-vis, e Kand vun haut, ech héieren dech ëmmer, wann s d'op der Gei proufs. Wat sinn dat do fir Geschichten? Du pass net bei déi aner. Oder spills de mer lo gläich e Stéck vir, do uewen an der Mëllecstrooss?

Cléo! O neen! Kommen och well Kazen an de griicheschen Himmel? Cléo-Miissi, du bass dach och doheem! Eis Nopesch passt op dech op, fëllt der all Dag d'äin Tellerchen zweemol, wat soll dat do?

Oder war dat lo dat klengt Clio mat der Waassermeloun, déi him vum Tellerche gerëtscht ass? Ech gesinn et net méi, iwwert den Himmel hunn sech gréng a giel a blo a rout Stäre verbreet, déi e fuerchtbare Kaméidi maachen.

Ech sinn zesummegefuer. Anzwousch schéisse Griichen e Freedefeier of, et lichter a knuppt zéng Minutte laang, dann ass et nees roueg. Ech muss entnäipt gewiescht sinn. Meng Spektiv läit nach um Dësch, mä een huet mer mä roude Wäi wechgedronk. De Vollmond steet lo héich iwwer Sissi, d'Stären an senger Noperschaft si lichter verblatzt. 't ass wäit no Halefnuecht.

Josy Braun